Gemengerotssitzung vum 25. November 2015

Präsentation vum Budget rectifié 2015 a vum Budget initial 2016
vum Här Jean-Paul Jost, Finanzschäffen

Madame, dir Häre Gemengeconseilleren,
Madame, dir Häre vun der Finanzkommissioun,

Lues a lues komme mir erëm op d'Enn vum Joer an et ass un der Zäit eis déi néideg finanziell Mëttel ze ginn fir dass mir och am nächste Joer zesummen dat kënne realiséieren wat mir eis am Interessi vun eise Bierger virgeholl hunn.

Mir hunn e ganz beweegt Joer hannert eis an an de leschten 12 Méint huet sech an Europa an och bei eis am Land sou munches geännert. War virun engem Joer nach de Spuerplang vun der Regierung d' Haaptthema, sou sinn et am Moment déi rezent Terroruschléi an de massive Flüchtlingsstroum a Richtung Europa.

Besonnesch an dësem leschten Dossier ass eis Regierung gefuerdert an och op d' Mathëllef vun eis Gemengen ugewisen. Mat deenen zwou Familljen aus Syrien déi mer am Moment bei eis wunnen hunn hu mir positiv Erfahrunge gemaach a si an hier Kanner hu sech gutt an eiser Gemeng integréiert. A mir wäerten och an Zukunft versichen eiser Regierung souwäit et eis méiglech ass ze hëllefen fir déi Leit ënner ze bréngen déi an eisem Land Zouflucht sichen an sech e neit Liewe wëllen opbauen. Donieft vergiesse mer awer op kee Fall eis jonk Familljen déi et jo och net einfach hunn hei an der Gemeng Wunnechten zu erschwéngleche Präisser ze fannen. Fir si hu mir virgesinn als Gemeng weiderhin Haiser ze kafen oder ze bauen an u si ze verlounen. Mir kréien vum Staat Zouschëss fir dës Haiser an déi bleiwen am Patrimoine vun eiser Gemeng. Mir sinn der Meenung, dass dëst e sënnvolle Wee ass en Deel vun eise Recetten ze investéieren, dëst och am Intressi vun Deenen déi no eis kommen.

Och a Punkto Ëmwelt ass dëst Joer vill geschitt. No e puer Startschwieregkeete konnte mir endlech eisen Dossier Klimapakt auditéiere loossen, an Dank den Ustrengungen am Ëmweltberäich vun eis a vun all eise Virgänger a vum exemplareschen Asaz vun eise Mataarbechter si mir mat 60 % certifizéiert ginn. Dëst bedeit eng Recette vun 110.000,- € d 'Joer, Geld wat mir integral an de Schutz vun eiser Ëmwelt investéiere wäerten. An och op dësem Plang wäerte mer net stoe bleiwen. D 'Ziel ass eng 75% Certifizéierung, an dass de Gedanken

vum Ëmweltschutz an all eisen Handlungen berücksichtegt gëtt. A wéi a villen anere Beräicher kucke mir och beim Ëmweltschutz iwwer eis Grenzen eraus. Zesumme mat eise Nopeschgemengen hu mir e regionaalt Klimateam op d 'Been gesat wat sech regelméisseg trefft a gemeinsam Aktiounen fir eis 5 Gemengen duerchféiert, dëst am Kader vum SIAS deen och d 'Koordinatioun dovunner mécht.
En anere ganz wichtege Schrëtt ass d' Schafe vun engem neien Naturschutzsyndikat Osten an deem all Gemengen aus dem Osten vum Land sech zesumme schléisse solle fir sech iwwer dee Wee gemeinsam fir de Schutz an d' Erhale vun eise Kulturlandschaften a Liewensraim anzesetzen.

Eise Bebauungsplang ass wuel dat wichtegst Instrument wann et ëm dee Liewensraum geet an deem mir an Zukunft hei zu Schëtter wëlle schaffen a wunnen. Nodeems eis eis Awunner an der Biergerbefroung bestätegt hunn, dass se déi héich Liewensqualitéit an eisen Dierfer schätzen, a sech fir e gemässegten Wuesstem ausgeschwat hunn war sech de Gemengerot eens fir déi Qualitéit déi mer am Moment an eiser Gemeng hunn och an Zukunft ze erhalen. Am Laf vum nächste Joer wäerte mir hei um Dësch zesummen e Bebauungsplang fir déi nächst Joeren ausschaffen a probéieren deen virun der grousser Vakanz op den Instanzewee ze ginn.

En anere wichtegen Dossier a Saache Gemengenentwécklung ass den Réaménagement vum Zentrum vu Schëtter rondrëm d' Kiercheplaz. Deen Aarbechtsgrupp deem mer dës Missioun uvertraut hunn, huet bis elo eng excellent Aarbecht geleescht a wäert bis Ufank nächst Joer och éischt Conclusioune virleeën.

Zesumme komme mir gutt virun, dat huet och de Projet Ausbau vun eiser Maison Relais gewisen. Am Oktober konnte mir hei am Gemengerot e flotte Projet ofseenen deen eis hëlleft eis momentan Enkpäss ze behiewen ouni awer eise Site hei "An der Dällt" definitiv ze verbauen. Déi modular Gebaier fir déi mer eis hei eestëmmeg entscheet hunn si vun héijer Qualitéit a kënne spéider eng Kéier ouni Problem op en anere Site ëmgestallt ginn. Soumat behale mer d' Méiglechkeet spéider hei "An der Dällt" e globaalt Konzept ze realiséieren op zousätzlechen Terrainen déi mer kafe wëllen respektiv rezent kaf hunn.

Hei zu Mënsbech hu mir e Schoul- Sport- a Kulturzentrum dee sech weise léisst. Eis Schoulgebaier si modern a praktesch a mir wäerten och weiderhin regelméisseg a si investéieren fir dass dat esou bleift. Duerch den Ausbau vun der Maison Relais wäert och an Zukunft all Kand dat bei eis an d' Schoul geet hei eng Plaz kréien. Déi nei Sportshal ass gutt ausgelaascht vun eise Schoulklassen a

Veräiner. Eise Kulturzentrum wäerte mer am Laf vum nächste Joer an d' Rei setzen well déi lescht 30 Joer hunn do hier Spueren hannerlooss. Och wa mer am Moment kucken wat fir nei Infrastrukturen eis Veräiner aus dem kulturelle Beräich brauchen, wäert et nach eng Zäit daueren bis dës realiséiert sinn.

Fir eis jonk Familljen hu mir och virgesinn nei Spillplazen a verschiddene Quartieren unzeleeën an déi bestehend Infrastrukturen ze erneieren.

Och eisen eelere Generatioune wäerte mer weiderhin dat bidden wat hinne wichteg ass. Si sollen sech wéi bis elo hei an der Gemeng wuel fillen an esou laang aktiv bleiwe kënne wei méiglech. Iwwer de Wee vu verschiddene Servicer hëllefe mer hinne beim Ënnerhalt vun hiren Haiser a Gäert a garantéieren hinnen déi néideg Fleegedéngschter déi si brauchen. A Saachen altersgerecht Wunnengen wäert am Laf vum Joer och e Projet un d' Lafe kommen deen den aktuelle Besoinen gerecht gëtt.

Fir eis Jonk konnte mer dëst Joer déi nei Skateboardpist um Fussballsterrain aweien a mir wäerte mat hinnen am Dialog bleiwen fir zesummen deen een oder anere Projet ze realiséieren dee si am Kader vum Jugendkommunalplang virgeschloen hunn.

Och eis Veräiner kënne weiderhin op eis zielen. Nieft der regelméisseger Ënnerstëtzung iwwer de Wee vun de Subsiden stelle mir hinnen och weiderhin déi Infrastrukturen zur Verfügung déi se brauchen fir hir Aktivitéiten auszeüben. Sou gesäit de Budget den Ausbau vun der Buvette um Fussballsterrain, eng Bikepist, eng Zuchtanlag fir Klengdéieren, d‘ Ausschaffen vu Pläng fir e neie Scoutschalet an nei Infrastrukturen fir eis Kulturveräiner vir.

Nieft all deenen virgenannte Projete maache mir awer och nach vill aner Investissementer déi manner oder souguer negativ opfalen. Déi regelméisseg Erneierungen vun eise Stroossen a Réseauen déi eisen Automobilisten heiansdo d' Liewe schwéier maache sinn awer och onbedéngt néideg fir dass d' Versuergung an d' Entsuergung geséchert bleiwen.

All dëst ass awer selbstverständlech net fir näischt an duerfir musse mir als Gemeng och kucken déi néideg Mëttel ze garantéieren an se sou effizient wei méiglech anzesetzen.

Wei gesot, eis Finanzen hei zu Schëtter si gutt mee fir och an Zukunft ze garantéieren, dass all eis Infrastrukturen ëmmer an engem gudden Zoustand

sinn an fir all déi Projeten kënnen ze realiséieren déi mer nach vir hunn musse mer eis virsiichteg a verstänneg Finanzpolitik weiderféieren.

Am Moment ass de gréissten Deel vun eisen Taxe käschtendeckend. Dës Taxe sinn an de leschte Joren geklommen mee dat war néideg fir déi Onkäschten vun eise Ver- an Entsuergungsinfrastrukturen ze decken. Och an Zukunft musse mir déi eng oder aner emol upassen wann d' Schéier vun de Recetten an Ausgaben ze wäit ausernee geet, sou wéi et am Moment a Saachen Offallentsuergung geschitt.

D' Personalkäschte maachen 35,2 % vun eisen uerdentlechen Ausgaben aus. Si steigen dëst Joer ëm 7,8% dëst engersäits well mer virgesinn hunn, zesumme mat der Gemeng Nidderaanven, e Mann fir eist Rettungswiesen anzestellen an well dem Agent Municipal, deen 25% fir eis schafft, seng Pai iwwer d' ganzt Joer leeft. Donieft hu mer virgesinn en zousätzleche Beamte fir d' Gemeng an en Aarbechter fir den technesche Service ze engagéieren. Dëst Opstocken vum Personal ass néideg fir weiderhin all eisen Aufgabe gerecht ze ginn.

35 Leit schaffen am Moment op der Gemeng 16 dovun sinn Aarbechter a 19 Beamten oder Privatbeamten.

Eis ordinär Einnamen steigen am Budget 2016 em ronn 3,7% par Rapport zum Budget rectifié 2015. D‘ Ursaach heivu sinn haaptsächlech déi steigend Recette bei der Gewerbesteier an der Dotation de L' État.

Eis Ausgaben klammen op der anerer Säit ëm 3,9 % par Rapport zum Rectifié 2015. Dëst ass net ganz vill an ass haaptsächlech ze erklären duerch zousätzlech Personalkäschten a steigenden Exploitatiounskäschten bei de Gemengesyndikater an deene mir Member sinn.

Dernieft well ech wei virun engem Joer nach eng Kéier betounen, dass mer hei e Budget virstellen. A wann een iwwert d‘ Joer gutt wëll schaffen setzt een d' Recette niddereg un fir net herno do ze stoen ouni dat Geld wat ee brauch fir seng Aufgaben ze finanzéieren. D‘ Ausgaben dergéint sëtzt een e bësse méi héich un fir den néidege Kredit deblockéieren ze kënnen deen een eventuell brauch falls onvirgesin Ausgaben op d' Gemeng duer kommen. A wei gesot, et muss ee jo net alles ausginn wat am Budget steet.

Budget rectifié 2015

Ier ech zu den uerdentlechen Ausgaben kommen déi mer fir 2016 geplangt hunn wëll ech hei nach eng Kéier op d' Zuelen vum Budget rectifié vum lafenden Exercice agoen dee mer jo och herno virum Budget 2016 stëmme wäerten.

Am Budget rectifié 2015 hu mir uerdentlech Recette vu ronn 14,00 Milliounen €, also 1,7% méi wéi bei der Opstellung vun dem Budget 2015 ageschat.

D' Ursaachen heivunner sinn haaptsächlech Mehreinnamen bei der Gewerbesteier.

Déi uerdentlech Depensen schätze mer fir 2015 op 10,9 Milliounen. Si sinn also 1,4 % méi niddereg wéi am Budget initial 2015 ageschat.

Ënnerscheeder am Verglach zu dem Budget initial goufen et ënner anerem op folgende Posten:

10.000 € manner fir Publikatiounen;
75.000€ manner Personalkäschten am Sekretariat a Service Technique;
20.000 € manner Ausgaben bei der Allocation de vie chère;
30.000 € manner beim Ënnerhalt vun de Feldweeër;
21.000 € méi beim Transport wéinst der Navette am Kader vum Chantier an der "rue de Canach"
60.000 € méi bei den Exploitatiounskäschten vum SIAS;
28.000 € méi fir de Fonctionnement vum Gréngschnëttzenter um Sennengerbierg;
23.000 € manner bei den Exploitatiounskäschten vum SIDEST;
20.000 € manner bei den fir den Ënnerhalt vun eise Gréngflächen duerch d' Aarbechtshëllef;
20.000 € méi beim Ënnerhalt vun de Gemengestroossen;
65.000 € manner bei den Aarbechterpaien;
32.000 € méi bei den Exploitatiounskäschte vum SIDERE a Waasserakaf;
23.000 € manner beim Entretien vun de Sportshalen;
10.000 € méi bei den ëffentleche Feierlechkeeten;
24.000 € méi fir den Ënnerhalt vun de Schoulgebaier;
45.000 € manner bei de Paien vum Léierpersonal;
15.000 € méi beim Schoultransport.

Bei den ausseruerdentlechen Recette leie mir mat 2,3 Milliounen € ëm 13,9 % manner héich wéi urspréngglech ageschat. Dëst kënnt virun allem doduerch dat mer de Recours op de Reservefong fir den Ausbau vun der Maison Relais eréischt

2016 maachen a verschidde Subside vum Staat méi spéit erakommen wei geplangt.

Déi wichtegst ausseruerdentlech Einnamen fir 2015 sinn:

200.000,00 € Infrastrukturtaxen a Bedeelegung vun de Promoteuren un den Infrastrukturen;
1.097.500,00 € Subsid vum Staat fir den Kaf vun Terrainen um "Leyebierg";
100.000,00 € Bedeelegung vun engem Privatpromoteur um PAP "Leyebierg Centre";
172.965,00 Remboursement vum Staat fir zousätzlech 100 m3 "Capacité Réservée" fir de Prisong;
255.285,00 € Subsid am Kader vum Pacte Logement.

Ausseruerdentlech Depensen hu mir am Joer 2015 fir 5,9 Milliounen € gemaach. Dat sinn 60 % manner wéi urspréngelech geplangt. Déi folgend waren déi wichtegst Ausgaben;

254.466,76 € fir den Aus- an Ëmbau vun der Gemeng;
100.000,00 € fir de Bebauungsplang;
110.000,00 € fir Etuden a Berodungen am Kader vun de "Plans Sectoriels" a vu privaten Bauprojeten;
296.118,00 fir de Bau vun enger neier Crèche;
281.582,00 fir den Ausbau vun der Maison Relais;
130.000,00 fir den Ausbau vun engem Haus dat d' Gemeng kaf huet an un de Staat verlount huet;
256.054,00 "Apport en capital" un de Minettkompost;
400.000,00 fir de Réaménagement vun der Senningerstrooss um Neihaischen;
250.000,00 fir d'Astandsetzung vum Waasserreseau;
100.000,00 fir d 'Abauen vu elektronesche Compteuren;
172.000,00 fir "Capacités de réserve" beim SIDERE ze kafen;
Ronn 1.200.000,00 € fir de Kaf vun Terrainen an Haiser;
250.000,00 fir d'Astandsetzung vum Schoul-, Sport- a Kulturzentrum zu Mënsbech;
Ronn 114.000,00 fir d'Astandsetzung vun den Alentoure rondrëm d' Schoul "An der Dällt".

De Budget rectifié vum Joer 2015 schléisst mat engem Mali vun 547.230,00 € of.

Wann een dann de Boni vun 10.997.176,64 € vum Exercice 2014 derbäi zielt, däerfte mer d' Joer 2015 mat engem presuméierte Boni à reporter vun 10.449.946,99 € ofschléissen.

III. Budget 2016

Komme mer elo zum Budget 2016, der finanzieller Rumm déi mer eis fir d' nächst Joer ginn.

Déi uerdentlech Recetten belafen sech op 14,54 Milliounen €. Si leien ronn 5,5 % méi héich wéi am Budget initial 2015, an 3.7 % méi héich wei am rektifizéierte Budget 2015. Dat has haaptsächlech duerch déi méi héich Virgaben fir d‵ Gewerbesteier an d‵ Dotatioun vum Staat fir 2016 wou mer eng Hausse vu respektiv 4,7 a 6,3 % vis-à-vis vum Kont 2014 hunn.

Fir 2016 hu mir 5 Milliounen Einnamen un Gewerbesteier a 6,5 Millioune Recetten bei der Dotation de l' État virgesinn. Dat si ronn 82,30 % vun den uerdentlechen Einnamen vun der Gemeng Schëtter.

Déi uerdentlech Depensen belafen sech op insgesamt 11,32 Milliounen €. Am Verglach zum Budget initial vum Joer 2015 leien dës ëm 0,20 Milliounen € oder 1,8 % méi héich. Par rapport zum Budget rectifié 2015 hu mir eng Progressioun vun den uerdentlechen Ausgaben 2016 vun 3,8 %.

Déi Ausgaben klammen also net ganz staark par rapport zum Budget initial 2016 a Budget rectifié 2015.

Fir 2016 hu mir Lounkäschte vu ronn 3,99 Milliounen € virgesinn. Dëst sinn ëmmerhin 35,2% vun eisen uerdentlechen Depensen. Dës Lounkäschte verdeelen sech mat 1.115.000,00 € op d' Gemengenaarbechter, ronn 890.000,00 € op d' Schoulpersonal (part communale), ronn 1.393.000,00 € Gehälter an der Administratioun (Sekretariat a Recette) a 505.000 € Gehälter am Service Technique.

An der Rubrik 1 "Services généraux des administrations publiques" belafen sech d' Depensen op viraussiichtlech 3.163.294,00 € fir d' Joer 2016. Dëst ass eng Hausse vun 3,7 % par rapport zum Rectifié 2015, wat sech haaptsächlech duerch d' Progressioun bei de Personalkäschten erkläert.

An der Rubrik 2 „Protection sociale" stinn Ausgaben vun 1.074.189,00 €. Hei fanne mir de "Repas sur Roues" an de Club Senior mee och d'Crèche an d'Maison

Relais. Hei hu mer par rapport zum Rectifié 2015 eng Steigerung vu ronn 98.000,00 € déi duerch zousätzlech Käschte fir Crèche, Maison Relais a Jugendhaus ze erklären ass.

Ennert dem Punkt 3 „Ordre et sécurité publics" fanne mir Ausgaben vun 246.450,00 €. Hei hu mer eng Progressioun vu 67,17 % par rapport zum Rectifié, dëst duerch d'Astelle vun engem Mann fir de Service d' Incendie an en Agent Municipal zu 25%.

D'Rubrik „Affaires économiques" - mat 332.600,00 € sinn dat d' Feldweeër, de Service Forestier, den Tourismus an d' Bussen déi mir organiséieren. Hei hu mer och 12.000,00 € virgesinn fir eis Cotisatioun beim ORT-Centre-Ouest.

D' Rubrik „Protection de l'environnement" gesäit Ausgaben vun 1.394.086,00 € vir. Si begräift d' Gestioun vum Offall mat 655.788,00 € a vum Ofwaasser mat 597.413,00 € souwéi den Naturschutzdeel vum Sias mat 140.885,00 €.

An der Rubrik „Logements et équipements collectifs" fanne mer den Entretien vun den ëffentleche Plazen, d' Circulatioun, den Ënnerhalt vun de Gemengestroossen, den Ënnerhalt vum Kierfecht, an d' Fonctionnementskäschte fir den Atelier vun den techneschen Déngschter. Dës Positioun begräift d' Paien vun den Aarbechter an déi ganz Käschte vun de Gefierer an dem Aarbechtsmaterial. D' Gesamtkäschte sinn hei 2.466.450,00 € dat bedeit eng Hausse vun 3,7 % par rapport zu 2015.

D' Rubrik „Loisirs, culture et cultes" begräift d' Sportsterrainen mat 90.000,00 €, d' Sportshalen mat 36.425,00 €, d' Subsiden un d' Sportsveräiner mat 17.000,00 €, de Centre Culturel mat 156.425,00 €, d 'Musekschoul mat 230.904,00 €, d' Kierch mat 22.300,00 €, déi offiziell Feierlechkeete mat 90.000 € a schlussendlech verschidden Ausgaben wéi d' Indemnitéite vun de Chargéen déi Couren halen, d' Subsiden un déi kulturell Veräiner , de Kaf vu Konschtwierker asw. mat 83.000 €. Alles an allem kascht dës Rubrik 926.054,00 €. Mir hunn hei eng Hausse vun 1,4 % par rapport zu virdrun an dat sinn haaptsächlech Fonctionnementskäschte vun der Musekschoul.

An der Rubrik «Enseignement» sti schlussendlech 1.721.425,00 € Depensen.

Déi déckste Posten an der Rubrik Enseignement bestinn och weiderhin aus Personalkäschte vun 890.000,00 € an dem Schoultransport vun 275.000,00 €. An dëser Rubrik hu mer eng Hausse vun 3,8 % déi haaptsächlech duerch d' Reorganisatioun vum Schoultransport kënnt.

Mir kucke fir weiderhin eis uerdentlech Ausgaben am Grëff ze halen well mir eis bewosst sinn, dass et net als normal unzegesinn ass, dass eis Recetten regelméisseg all Joer weider klammen. Mir wësse wéivill Ënnerhaltskäschten mer an all eise Gebaier an Infrastrukturen hunn, an am Interessi vun deenen déi no eis kommen wëlle mer dës Ausgaben an enger vertrietbarer Mooss halen.

Als Gemeng wäerte mer awer och weiderhin investéieren. Iwwer dee Wee hëllefe mir, dass hei am Land Aarbechtsplazen ofgeséchert ginn respektiv neier geschaf ginn.

Recettes extraordinaires.

Déi ausseruerdentlech Einnamen ginn fir d' Joer 2016 op 1.714.155,00 € ageschat. Dës leien deemno 35 % méi niddereg wéi am Budget initial vum Joer 2015 well mer do nach déi 1.1 Mio Subside fir d' Terrainen am "Leyebierg" dran haten déi mer dëst Joer kritt hunn.

Déi wichtegst Recette mat deene mer fir 2016 rechne sinn:

- 100.000,00 € Bedeelegung vu Lotisseuren am Kader vu PAPen;

- 100.000,00 € Infrastrukturtaxen;

- 172.965,00 Remboursement vum Staat fir zousätzlech 100 m2 "Capacité Réservée" fir de Prisong;

- 733.635,00 € Recours op den Reservefong "Pacte Logement" fir de Bau vu Crèche a Maison Relais;

- 350.000,00 € Subsid fir d' Sportshal.

Dépenses extraordinaires.

Ausseruerdentlech Ausgaben hu mer fir 2016 fir 15.154.105 € virgesinn:

250.000,00 € fir de Bebauungsplang;
100.000,00 fir den Architekteconcours am Kader vum Réaménagement vum Zentrum vu Schëtter;
2.000.000,00 € fir de Bau vun enger neier Crèche "An der Dällt";
1.000.000,00 € fir den Ausbau vun der Maison Relais;

50.000,00 € fir de Bau vun engem interkomunalen Interventiounszenter fir d' Pompjeeën;
500.000,00 € fir eng Klengdéierenzuchtanlag a Schrebergäert;
150.000,00 fir den Aménagement vun den ëffentleche Flächen am Parc d'Activités Syrdall;
155.000,00 fir den Ausbau vum Recycling Center;
150.000,00 € fir méi spuersam Stroosseluten;
125.000,00 fir Moossnamen am Interessi vum Klimaschutz;
110.000,00 fir de Kaf vun Terrainen fir verbëllegte Wunnengsraum;
100.000,00 fir d'Astandsetzen vun Wunnechten déi u jonk Stéit verlount ginn;
100.000,00 € fir e Bikepark;
350.000,00 € fir d' Spillplazen am "Leyebierg" an "um Groussbur";
100.000,00 fir d' Spillplazen an der ganzer Gemeng ze ergänzen;
195.000,00 fir den Aménagement vun de Gréngflächen;
150.000,00 fir d' Foussgängersträifen ze beliichten;
450.000,00 fir de Vëlo- a Foussgängerwee ënner der Autobunnsbréck tëscht Mënsbech an Nidderaanwen;
425.000,00 € fir de Réaménagement vun der Entrée vu Schraasseg an dem Agank an d' "Schlassgewan";
100.000,00 fir de Redressement vun der "rue du Village" zu Aal-Schëtter;
150.000,00 fir Infrastrukturaarbechten an der "rue de Canach" an an der Haaptstrooss zu Schëtter;
250.000,00 fir d'Astandsetzng vum "Chemin Brehm";
100.000,00 € fir d' Uleeën vu Foussgänger- a Vëlosweeër;
300.000,00 € fir dat lescht Stéck vum Vëlo- a Foussgängerwee tëscht Aal-Schëtter an Iwwersiren;
100.000,00 fir d 'Opstelle vu Bushaisercher;
100.000,00 fir den Ausbau vun der Hal fir eis technesch Servicer;
200.000,00 fir Gefierer fir eis technesch Équipen;
200.000,00 fir Moderniséierung vun eisem Waasserreseau;
250.000,00 fir de Kaf vun zousätzleche "Capacités réservées" beim SIDERE;
Ronn 3.700.000,00 € fir de Kaf vun Terrainen an Haiser;
240.000,00 € fir d' Vergréisserung vun der Buvette um Fussballsterrain;
750.000,00 € fir d' Astandsetzung vum Centre Culturel zu Mënsbech;

De Budget 2016 schléisst of mat engem Boni vun 228.008,87 €.

Dëst ass e Budget vun der Kontinuitéit an deem déi Projete virgesi sinn déi mer brauchen fir och an Zukunft eise Bierger hei an der Gemeng modern Infrastrukturen an eng gutt Liewensqualitéit garantéieren kënnen.

Wat d‘ Taxe betrëfft bleiwe mer beim Prinzip, dass mer eis Awunner net ze staark belaaschten, an iwwer d ‘Allocation de vie chère ënnerstëtze mer och weiderhin déi Matbierger déi finanziell net esou gutt dru sinn.

Dir gesitt, d‘ Finanze vun eiser Gemeng si gesond. Kommt mir probéieren zesummen se och weiderhin sou gutt an effizient wei méiglech anzesetzen an da brauche mer eis och fir eis Zukunft keng Suergen ze maachen.

Donieft wäerte mer och weiderhi probéiere mat eise Nopeschgemengen zesummen ze rutschen fir zukënfteg an op méi Niveauen eis Moyenen ze bündelen, well Problemer wei Mobilitéit, Ëmwelt- a Quelleschutz asw. kënne mer nëmme regional léisen.

Ech soen all eise Beamten déi gehollef hunn dëst Budgetsdokument opzestellen vun dëser Plaz aus en décke Merci.

Iech all hei um Dësch géing ech bieden dem Schäfferot Är eventuell Ergänzungsvirschléi zum Budget bis haut an enger Woch eranzeginn.

Ech free mech op eng konstruktiv Diskussioun iwwer dëst Dokument an eiser Sëtzung vum 16. Dezember a soen iech Merci fir är Opmierksamkeet.